PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Um Site vun der SNCA (Société Nationale de Circulation Automobile) ginn déi verschidde Formater vun Autos- a Motosplacken, déi zu Lëtzebuerg kënnen immatrikuléiert ginn opgelëscht. Fir déi Autosplacken, déi no 2003 ugefrot gi sinn, muss d'Konditioun erfëllt sinn, dass 5 Chifferen oder 2 Buschtawen a 4 Chifferen drop stinn. D'SNCA Dokument präziséiert net, wéi mat deene Placken ëmgaange gëtt, déi net op der Lëscht stinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Formater sinn haut nach am Ëmlaf, déi net Deel vun den haut nach immatrikuléierbare SNCA-Placke sinn?
2. Wéi vill vun dëse Placke sinn aktuell nach am Ëmlaf?
3. Mengen Informatiounen no, kënnen dës eeler Placken net méi op aner Autoen oder Motoen transferéiert ginn. Kann de Minister erklären, firwat dëst de Fall ass, an ob et hei net méiglech wier, dës Placken awer nach am Ëmlaf ze halen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député